2023 | 2024



# LE GUIDE

## DU FUTUR STRASBOURGEOIS


The bridge
to your freedom
SPUERKEESS.LU/axxess
axxess
VISA
Debit
5431 3210 1234 5678
11/23
JIL SCHMIT
Ta carte
Ton compte
Tes avantages
STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans
axxess
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

# VIRWUERT

Léif zukünfteg Studenten,

Dir stitt virun ärer Uniszäit, eng immens flott Zäit, déi awer och vill Verännerunge matsech bréngt, wat net ëmmer esou einfach ass.

Mir als ALUS Comité wëlle probéieren dir dëst esou einfach wéi Méiglech ze gestalten. An eisem Guide du futur Strasbourgeois fënns du all Méiglech Informatiounen déi dir de Sprong aus dem Lycée op d'Uni vereinfache kennen.
Informatiounen zu de verschiddenen Studiegäng, den Opbau vun de Coursen, zur Wunnengssich an och zur finanzieller Hëllef déi's du ufroe kanns.

Donieft gëtt des Brochur dir och een éischten Abléck an eis wonnerschéi Studentestad.

Wann s du da bis zu Stroossbuerg bass, si mir do fir dir de Start an d'Studenteliewen ze vereinfachen, an dir ze hëllefen ee gudden Equiliber tëscht de Coursen an dem Studenteliewen ze fannen. Mat eise sëllegen Evenementer iwwert dat ganzt Joer hei zu Stroossbuerg an och zu Lëtzebuerg, ass et ganz einfach dech ze integréieren an deng Staat besser kennenzeléieren. Ech menge mir kennen all aus Erfarung schwätzen, dass een esou ganz vill nei Léit kenneléiert, wou och ëmmer neess vill gutt Frëndschaften entstinn.

Bei weidere Froen kanns du dech gearen zu all Moment bei eis mellen, iwwer Mail (contact@alus.lu),iwwer Facebook(De Storchi) oder och Instagram(alus67).

De ganze Comité steet dir dat ganzt Joer laang mat vill Freed zur Verfügung.

Ech hoffen dass dëse Guide dir hëllefe kann, an ech hoffen dech nächst Joer op eisen ALUS Evenementer kennen ze begréissen.

Ech wënschen dir vill Erfolleg an dengem Studium an dass du deng Zäit zu Stroossbuerg wäerts genéissen.

Bis zu Stroossbuerg!



**Magali Mousel**, Présidentin

# INHALT

**Wat ass d'ALUS?** 5

**Virun denger Arrivée zu Stroossbuerg** 7

**L' ALUS vous propose... A vous de choisir!** 8

**Bienvenue à Strasbourg!** 12

**Studien an Inscriptiounen** 15
Interviewen

**La belle vie à Strasbourg** 28
Transport
Restauratioun
Nightlife
Kultur
Sport

**Wunnen zu Stroossbuerg** 35
Wat brauch ech?
Wou soll ech wunnen?
Wou soll een sichen?
Wéieng Dokumenter brauch een?

**Wunneng fonnt! Wat elo?** 41
Loyer & CAF
Stroum & Gas umellen
Internet, Telefon & Fernseh
Gadgets

**Guide du Futur Strasbourgeois**
Edition 2023-2024

**Editeur:** ALUS A.s.b.l.
**Mise en page:** Tiffanie Ferrandini & Michel Logeling

© 2020 ALUS A.s.b.l.
Tous droits réservés.
Toute reproduction sans autorisation écrite
préalable de l'ALUS est strictement interdite.

# WAT ASS D'ALUS?

ALUS steet fir Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg an ass de Lëtzebuerger Studente Cercle zu Stroossbuerg. Och wann de Studentencercle schonn eng Geschicht vun iwwer 40 Joer huet, sou besteet säi Status vun der A.s.b.l. awer réischt säit 1990. D'ALUS ass dofir do, d'Schüler virun hirem Studium zu Stroossbuerg iwwert déi verschidde Studiegäng ze informéieren, hinnen op alleguerten d'Froe ronderëm d'Aschreiwung ze äntwerten an op weider Froen ze äntweren déi zu engem gudde Start an d'Unisliewe solle verhëllefen.

D'ALUS huet sech schonn ëmmer als Ziel gesat, de neie Studenten ze hëllefe fir sech méi einfach an hirer neier Heemecht erëm ze fannen an sech besser ze integréieren. Mir ënnerstëtzen d'Studente bei hiren éischte Schrëtt an d'Studenteliewen a stinn de Studenten zu all Moment Riet an Äntwert.

D'ALUS organiséiert dat ganz Joer iwwer eng sëlleg Evenementer fir d'Studente reegelméisseg zesummen ze bréngen, bei deens du ganz séier aner Lëtzebuerger Studente kenneléiers an och a Kontakt mat de Fransouse kenns. Ausserdeem informéiert d'ALUS seng Membere regelméisseg iwwer Aktivitéiten, Baler an Evenementer, déi zu Stroossbuerg an zu Lëtzebuerg statt fannen, souwéi och iwwert Stage- an Aarbechtsoffere vun eise Partneren. Mir informéieren dech och iwwert déi Evenementer déi vun anere Studentecerclen an anere Studentestied organiséiert ginn.
Hal och du dech iwwert déi neisten Aktivitéiten um lafenden, andeems de eis Internetsäit alus.lu besichs, eist Maskottchen, de Storchi, op Facebook adds (facebook.com/de.storchi) an eis Säit (facebook.com/alus67) likes! Mir sinn och op Instagram ënnert dem Numm 67alus aktiv. Zéck also net fir eis ze followen.



# COMITÉ 2023 | 2024



**Magali Mousel**
Presidentin
Licence 3 - Mathématiques appliquées
magali.mousel@alus.lu



**Nicolas Meyers**
Vize-President
Licence 3 - Droit général
nicolas.meyers@alus.lu



**Ella Thill**
Partenariat
Licence 3 - Géographie
ella.thill@alus.lu



**Loïc Waltzing**
Trésorier an Webmaster
Licence 2 - Info
loic.waltzing@alus.lu



**Sophie Nilles**
Sekretärin & Relation ACEL
Licence 2 - Droit général
sophie.nilles@alus.lu



**Lisa Lentz**
Events
Licence 3 - Medizin
lisa.lentz@alus.lu



**Loredana De Carolis**
Design
Master 1 - Arts Plastiques
Recherches et Pratiques situées
loredana.decarolis@alus.lu



**Flavie Colbach**
Events
Licence 2 - Droit général
flavie.colbach@alus.lu



**Gilles Sauber**
Events
Master 2 - Droit Bancaire et Financier
gilles.sauber@alus.lu



**Félix Bei**
Sport
Licence 3 - Eco & Gestioun
felix.bei@alus.lu



**Benoît Leichtenberg**
Sport
Licence 3 - Science et technique des activités physiques et sportives
benoit.leichtenberg@alus.lu



**Christophe Conrardy**
Coopté
Licence 2 - Science de la terre
christophe.conrardy@alus.lu



**Guillaume Hellers**
Coopté
Licence 2 - Lettres Modernes
guillaume.hellers@alus.lu

# Virun denger Arrivée zu Stroossbuerg

Alljoers organiséiert d'ACEL (Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois) mat der Zesummenaarbecht vun der ALUS de Student fir 1 Dag zu Stroossbuerg.

Du bass momentan op enger Ofschloss-klass am Lycée an du wëlls een éischten Abléck an d'Studenteliewe kréien? Du wëlls méi iwwert d'Universitéiten, d'Stad, d'Umeldungen op der Uni, d'Wunnen an den Transport wëssen? Bei engem Mëttegiessen dir eis traditionell Tartes flambées schmaache loossen?

Dann ass de Student fir 1 Dag genau dat richtegt fir dech. Komm mat deenen anere Schüler an der Ouschtervakanz op Stroossbuerg a looss dir do all deng Froen, déi s du bezüglech dengem Dramstudium hues, vu Studente beäntwerten.

Mir probéieren och, dass um Student fir 1 Dag alleguerten déi Studenten aus deene verschiddene Studiegäng do sinn, déi s du bei der Umeldung uginn hues an dech interesséieren. Sou kriss du all deng Froen aus éischter Hand beäntwert.



# L'ALUS vous propose...
# à vous de choisir!

Fir dir d'Integratioun zu Stroossbuerg ze vereinfachen, fänke mir an der éischter Uniswoch mat engem Rallye de découverte duerch Stroossbuerg un. Hei kriss du eis wonnerschéi Studentestad gewisen an du kriss d'Méiglechkeet aner Studente kennen ze leieren. Um Entdeck deng Fakultéit kriss du vun ons a Studenten aus dengem Studium, deng Uni gewisen, sou fënns du dech direkt besser op der Uni zurecht.

Um Rentréesprogramm steet natierlech och eisen traditionelle Fräibéier, wou sech déi nei an déi al Studenten aus all Studium zesumme fanne fir mateneen ze feieren. Weider geet et dann mat der Tournée de la Soif, wou mir duerch déi beléifste Studentecaféë gi fir ze kucke wou een de beschte Béier zum beschte Präis kritt.

Mëtt November organiséiere mir eisen Tarte Flambée Intercercle, wou net nëmmen eis Stroossbuerger Memberen deelhuelen, mee och aner lëtzebuerger Studenten aus anere Stied. Hei gëtt et ee ganzen Owend Tarte Flambée à volonté z'iessen. Niewent dësen Eventer organiséiere mir och all Schouljoer eng Visitt guidée am Europaparlament esou wéi och am Conseil de l'Europe.

An der Fuesvakanz am Februar fuere mir fir 3 Deeg zesummen an d'Vakanz. 2018 ware mir zu Prag. 2019 huet et ass op Florenz gezunn an 2020 an d'Haaptstad vun Däitschland, op Berlin. Hei bidde mir eise Memberen och ëmmer ee flotte Kulturprogramm un, fir hinnen déi verschidde Stied, an déi mir reesen, méi no ze bréngen.

D'Joer huet meeschtens säin Ofschloss mat der säit Joerzéngten traditioneller Route du vin, wou mir virun der Examenszäit een Dag duerch den Elsass fueren an déi verschiddenste Wäiner schmaache ginn an eis déi Elsässech Wäikultur mei no bréngе loossen.

Natierlech hu mir och nach eng ganz Rei aner Eventer, wéi z.B., de Quizowend de Fiederwäissenowend, de Beerpong Tournoi, d'Soirée gourmande, de Bowling, d'Partyboot an nach ganz vill aner Flott Evenementer.

Dir gesitt, bei der ALUS ass fir jiddereen eppes dobäi!







# Grow your potential, reaching excellence together

Facebook

Twitter

TikTok

Instagram

Your career starts here

pwc

pwc.lu

© 2023 PricewaterhouseCoopers, Société coopérative. All rights reserved.
In this document, “PwC” or “PwC Luxembourg” refers to PricewaterhouseCoopers which is a member firm of PricewaterhouseCoopers International Limited, each member firm of which is a separate legal entity. PwC IL cannot be held liable in any way for the acts or omissions of its member firms.

# Memberskaart

Verschidden Events, wéi zum Beispill de Fräibéier, d'Visitt vum Europaparlament, d'Visitt vum Conseil de l'Europe, eist berühmt Partyboot, d'Soirée gourmande an de Quizowend sinn exklusiv fir d'ALUS-Memberen reservéiert.

Des Weideren huet een als Member d'Recht op der järlecher Assemblée générale am Fréijoer de neie Comité ze wielen. Mir proposéieren och Stage & Job Offeren vun eise Partner. Wann neier publizéiert ginn, gitt dir per Mail informéiert.

Verschidde Partnere vun der ALUS organiséieren all Joers eng Partnersoirée wou een d'Méiglechkeet huet, d'Entreprise kennenzeléieren an eventuell och ee Stage fanne kann. Fir hei deelzehuele muss een och eng Memberskaart hunn.

Fir deng Memberskaart ze kréien an ëmmer um leschte Stand ze si wat d'Studenteliewen zu Stroossbuerg, Events a Weideres ugeet, kanns du ganz einfach op eisem Internetsite www.alus.lu/memberen de Formulaire ausfëllen. Nodeems du dëst gemaach hues:

- Iwwerpréif deng Mailbox a bestäteg deng E-Mail Adress
- Bezuel 20€ per Digicash oder Virement oder bei engem Comité-Member
- Komm deng Memberskaart op engem vun eisen Events sichen!





# BIENVENUE À

Stroossbuerg läit am Elsass, am Oste vu Frankräich, an ass eng relativ kleng Stad: Hier Fläch bedréit 78 km² an se zielt ongeféier 280 000 Awunner, dovunner 45 000 Studenten. D'Ill, ee Niewefloss vum Rhäin, leeft queesch duerch d'Stad a prägt virun allem den Aalstadquartier, d'Petite France. De Mëttelpunkt vum historesche Stadkär ass ouni Zweifel d'Cathédrale Notre Dame, déi ee mat hiren 142 m praktesch vun iwwerall aus gesäit.
Eng aner schéi Plaz ass d'Place Gutenberg direkt bei der Kathedral. Hei ronderëm fënnt ee vill Café'en a Brasserie'en déi eng ganz Gamme vu selwer gebrauten an auslännesche Béier'en ubidden. Wann s de bis elo Béier net esou gären has, wäerts de deng Meenung do sécher séier änneren.
Stroossbuerg huet awer och vill méi ze bidden ewéi dëse liewegen Alstad-Quartier.



# STRASBOURG

Wann s de gäre bësse spadséire gees oder dech einfach just op enger Wiss sonne wëlls, da bass du am Parc de l'Orangerie oder am Parc de la Citadelle genee richteg.
Stroossbuerg als Carrefour de l'Europe spillt eng grouss politesch a sozial Roll. D'Stad ass den Haaptsëtz vum Conseil de l'Europe, vum Europaparlament an der Cour européenne des droits de l'homme.
D'Stad am Elsass regroupéiert och eng riesen Unzuel un auslännesche Studenten: sou ginn et och lauter sougenannten Erasmus-Bars, wou Austauschstudenten aus aller Welt openeen treffen a flott Soiréeën feieren. Dat mécht Stroossbuerg zu enger immens multikultureller Stad, an der ee ganz vill nei Leit a Kulturen entdecke kann.
An der Chrëschtzäit verwandelt sech déi ganz Stad an en eenzegt Liichtermier fir de berühmte Marché de Noël, dee scho säit dem Joer 1570, Millioune Leit aus aller Welt unzitt.

# RESULTANCE IS UNIQUE, AND YOU ?

Resultance
PRAGMATIC CONSULTING







- Customer oriented
- Honesty & Humility
- Autonomy & Perseverance
- Team spirit
- Personal involvement
- Sustainability
- Well-being & fun

**Join our team**

Resultance

resultance_eu

resultance

**Luxembourg, Belgium & France**

www.resultance.eu

# STUDIEN & INSCRIPTIOUNEN

## UNIVERSITÉ DE STRASBOURG

D'Université de Strasbourg ass 2009 duerch d'Fusioun vun den 3 Stroossbuerger Uni'en Louis Pasteur, Marc Bloch a Robert Schuman entstanen. Sie ass am ganzen op 6 Campus'en verdeelt an zielt momentan méi wei 42 000 Studenten, wat se zur gréisster Uni a Frankräich mécht.
D'Université de Strasbourg zeechent sech virun allem duerch hir Ouverture, hir europäesch Identitéit an duerch hir Reconnaissance op internationalem Niveau aus. D'Uni ass och bekannt fir hir vill verschidden Centres de Recherches, wéi z.B. den CNRS, den INSERM an den INRA. Ausserdeem hunn op der Université de Strasbourg 3 nach lieweg Nobelpräisträger studéiert !



*Du wëlls méi Informatiounen iwwert d'Uni? Dann klick dech duerch de Site vun der Uni op unistra.fr!*

## STUDIËGÄNG

D'Université de Strasbourg bidd de Studenten eng grouss Unzuel u Studiëgäng un, dorënner zielen ënner anerem :

***ART, LETTRES, LANGUES***
Arts visuels, arts plastiques, arts appliqués et design, arts du spectacle, musique, langue et interculturalité, sciences du langage, langues littératures et civilisations étrangères, langues étrangères appliquées, lettres classiques et modernes

***DROIT, ÉCONOMIE, GESTION, SCIENCES POLITIQUES***
AES, comptabilité, management, administration publique, collectivités territoriales, commerce, communication, droit, économie et gestion, mathématiques économie, sciences politiques.

***SCIENCES HUMAINES ET SOCIALES***
Archéologie, histoire, histoire de l'art, démographie, ethnologie, géographie, aménagement, philosophie, psychologie, sciences de l'éducation, sociologie, journalisme, sciences sociales, sciences et techniques des activités sportives, théologie catholique, théologie protestante.

***SCIENCES, TECHNOLOGIES, SANTÉ***
Médecine, odontologie, pharmacie, chimie, matériaux, mathématiques, informatique, physique, sciences pour l'ingénieur, sciences de la terre et de l'environnement, sciences de l'univers, sciences du vivant.

## STUDIËCYCLEN

De franséischen Unis- an Héichschoulsystem ass dem Bolognaprozess ugegliddert an ëmfaasst 3 Cyclen: D'Licence (an anere Länner Bachelor genannt), de Master an den Doktorat. D'Längt vun de Studie variéiert jee no Facultéit an Aart vu Studium.

### LICENCE (BAC +3)

D'Licence ëmfaasst 6 Semester, also 3 Joer Studium. Studente mat engem BTS (Brevet de Technicien Supérieur), DUT (Diplômes Universitaires de Technologoie) oder DEUST (Diplôme d'Études Universitaires Scientifiques et Techniques ) kennen no 2 Joer Studium eng Licence professionnelle ufroen, déi 1 Joer dauert. An der Licence huet een no all Semester Exame vun deene Fächer, déi en an dem Semester hat. Am Wanter Semester ass dat am Dezember/ Januar an am Summersemester ass dat am Abrëll/Mee. Dëst variéiert awer och vu Studium zu Studium.

### MASTER (BAC +5)

No der Licence kennen d'Studenten e Master-Diplom maachen, deen entweder op eng Weiderbildung an der Recherche virbereet oder op eng héich qualifizéiert Ausbildung zréck gräift. De Master ëmfaasst 4 Semesteren (2 Joer). Verschidde Mastere kann ee als Formation Initiale maachen, wou ee weiderhin ee Vollzäitstudium mécht. Et kann een awer och een Master en Alternance maachen. Hei beleet een eng ganz Rei Coursen op der Uni, a fir de Recht vun der Zäit geet een an eng Entreprise schaffen. (Normalerweis eng, déi a Frankräich ass) Et kann een net all Master-Studiegäng en Alternance maachen. Dëst variéiert vu Studium zu Studium.

### DOKTORAT (BAC +8)

D'Studente mat engem Master-Diplom kënne sech an den Doktorat aschreiwen, sief dat fir sech (haaptsächlech) an der Recherche oder am Beruff weider ze bilden.

## OPBAU VUN DE COURSEN

### COURS MAGISTRAUX (CM)

Dës Coursë gi meeschtens am groussen Amphi ofgehaalen. An dëse Coursë kritt ee vun de Proffen een theoretesche Cours ofgehalen. Dës sinn net ëmmer obligatoresch. Et entscheet een also selwer op een an de Cours geet oder net. Dëst variéiert awer och vu Studium zu Studium.

### TRAVAUX DIRIGÉS (TD)

Dëst sinn obligatoresch Coursen an den Haaptfächer an deenen deng Presence obligatoresch ass. Meeschtens sëtzt een do zu 30 - 40 Studenten zesummen an enger Klass. Do ginn Exercicer gemaach an et kann een ouni Problem dem Proff seng Froe stellen. Matschaffen ass hei och erwënscht. Du solls deng TD'en ëmmer am Viraus doheem virbereeden, fir wann de Proff dir eng Fro stellt, dass du och äntwere kanns an sou eng gutt Note de participation kriss. Deng Note de participation mécht 20% vun denger Note finale aus. Dëst variéiert awer och vu Studium zu Studium.

### TRAVAUX PRATIQUES (TP)

Dëst sinn obligatoresch Coursë, déi meeschtens am Kader vun engem Studium an de Sciences Naturelles ofgehaale ginn. Fir dës Coursë muss een sech jee no dem och virbereeden.

### CONTRÔLE CONTINUE (CC)

Dëst sinn tëschen Examen, déi meeschtens just an den Haaptfächer geschriwwe ginn. Dës CC'en maachen 30% vun denger Nott finale aus. Dëst variéiert awer och vu Studium zu Studium.

### CONTRÔLE TERMINAL (CT, Examen)

Dëst sinn d'Examen, déi all Semester an all Fach geschriwwe ginn. Eng kéier am éischte Semester am Dezember/Januar an am zweete Semester vu Mëtt Abrëll bis

Ufanks Mee. Dëst variéiert awer och vu Studium zu Studium.

## INSCRIPTIOUNEN

### PRÉCANDIDATURE : VU JANUAR BIS MÄERZ

Fir als Lëtzebuerger op der Uni Strooss-buerg studéieren ze kënnen, muss du fir d'éischt eng Précandidature op der Internetplattform **Parcoursup** (parcoursup.fr) oder monmaster fir de Master (monmast ster.gouv.fr) maachen.

Umeldung op der Plattform parcoursup.fr: Soubal s de dech als neien Utilisateur ag-eschriwwen hues an dech mat dengen Zougangsdaten ageloggt hues, kann et lass goen.

**November - Dezember**
**Informatiounsphase**
An dëser Periode solls du dech iwwert d'Studieméiglechkeeten informéieren.
Dëst kanns du entweder bei denge Proffe maachen, dech bei eis mat enger Mail un contact@alus.lu mellen oder d'ALUS iww-er Facebook kontaktéieren.

**Januar - Mäerz**
**D'Androe vun de Wënsch**
An dëser Periode kanns du maximal 10 Studiegäng a ganz Frankréich auswielen, fir déi s du dech interesséiers. D'Reiefolleg vun de Wënsch spillt hei keng Roll.

**Mee – Juli**
**Phase vun der Admissioun**
An dëser Periode kriss du vun deene ver-schiddenen Unien an Héichschoule Be-scheed gesoot, op s du fir déi verschidde Studiegäng an deene verschiddenen Etab-lissementer ugeholl gi bass, refuséiert gi bass oder nach op enger Waardelëscht stees. Pass och op, dass du dës Perioden net verpass. Hei muss du och bei der Uni Bescheed soen, op s du de Studium, fir de s du ugeholl gi bass, maache wëlls oder net.

**Juli - September**
**Phase complémentaire**
Dës Phase ass fir all déi Schüler, déi an der Phase vu Mee bis Juli nach op der Waar-delëscht stoungen an nach fir kee Studium ugeholl gi sinn. Bis September kann een seng definitiv Aschreiwung iwwert den Internetsite vun der Uni maachen. Och hei muss du oppassen, dass du den Delai net verpass an och mat Zäiten deng Frais d'In-scription bezils.

**Opgepasst! Et ass wichteg, dass du hei keen Delai verpass, fir dech anzeschreiwen an deng wichteg Dokumenter och am Delai op der Plattfrom eroplueds, fir dass deng Inscriptioun vervollstännegt ka ginn. Heifir brauchs du eng aktuell Passfoto, däin Diplom, een Certificat de résidence, eng Copie vun denger Carte de sécurité sociale an eng Copie vun denger Carte d'identité.**

**Definitiv Aschreiwung op der Uni an d'CVEC**
Fir déi definitiv Aschreiwung op der Uni muss du op den Internetsite inscriptions.unistra.fr goen. Ënnert dem Link „Première inscription" muss du dann deng Zougangs-daten aginn an der Démarche nogoen. Säit dem Joergang 18/19 muss all Student deen an engem franséischen Etablisse-ment studéiert d'CVEC (Contribution vie étudiante et de campus, cvec.etudiant.gouv.fr/) an héicht vun 95€Euro bezuelen, éier en sech definitiv ugemellt kritt! Dorën-ner falen och mir Lëtzebuerger. Dës Fraise ginn net vum Cedies zréck bezuelt.
Bei eventuelle Schwieregkeeten oder Prob-lemer (z.B. Nët-Unerkennung vun ärem Diplom, angeblech limitéiert Plazen op de Fakultéiten, etc.) Rode mir dir direkt iww-er Telefon Kontakt mat der jeeweileger Fakultéit opzehuelen.

**CONVENTION DE STAGE:**
A verschiddene Studiegäng ass ee verflicht ee Stage ze maachen, fir säi Joer kennen ze packen. Oft maachen d'Studenten awer och fräiwëlleg ee Stage, fir een éischten Abléck an d'Beruffsliewen ze kréien an Erfarungen ze sammelen. Dofir brauchs du eng Convention de stage, déi dech, d'Uni an de Patron oféchert a verschidde Saachen ewéi d'Bezuelung, d'Aarbechtsstonnen an de Verdéngscht festleeën.
Hei muss du um Site vun der Uni eng Demande de Convention de stage maachen. Mir roden dir un, dat wäit genuch am Viraus ze maachen, op mannst 1,5 Mount am Viraus, fir dass d'Konventioun bei der Entreprise mat Zäiten ukënnt an dass du däi Stage och am ofgemaachen Delai untriede kanns.
Falls Ännerungen un denger Konventioun solle virgeholl ginn, obwuel se scho vun deenen 3 Partien ënnerschriwwe ginn ass, kanns du zu all Zäit een Avenant maache loossen, den zum Beispill d'Dauer vun der Stagezäit verlängert/kierzt.

Weider Informatioune fënns du ënnert: https://suivi-stages.unistra.fr/esup-pstage/stylesheets/stage/welcome.xhtml

# INTERVIEWS

## Interview mam Patricia Marques & Sam Hoffmann

***Firwat zu Stroossbuerg studéieren?***
Mir studéieren zu Stroossbuerg, well et éischtens eng wonnerschéi Stad ass an zweetens well d'Stad fir hiert flott Studenteliewe bekannt ass. Dat alles kann een och sécher no dem éischte Joer Uni bestätegen. Dat ganzt Joer iwwer organiséiert d'ALUS flott Eventer, sou dass ee vun Ufank un gutt integréiert gëtt a sech net eleng oder verluer fillt. Mir hunn eis direkt gutt opgeholl gefillt an datt hëlleft engem natierlech och nei Leit kennenzeléieren.

Fir all déi Leit, déi net ze wäit vun Doheem fort wëlle sinn, ass Stroossbuerg de perfekte Choix. Et ass een a gutt zwou Stonne mam Auto erëm zu Lëtzebuerg. Wann ee keen eegenen Auto huet, ass dat och kee Problem, well et huet een d'Méiglechkeet op Facebook no enger Matfuergeleeënheet ze sichen oder den TGV ze huelen. Mee och Weekends ass hei ëmmer eng lass.

Mir hunn eis entscheet, Eko zu Stroossbuerg ze studéieren, well d'Uni gutt ugesinn ass a well Eko een Domaine ass, dee vill an der Beruffswelt gefrot gëtt. En plus ass et eis immens wichteg, sech an deen Domaine eranzeschaffen an dëse gutt ze verstoen, well spéider am Liewe wäert een ëmmer erëm mat der Ekonomie konfrontéiert ginn, sief dat an der Beruffswelt oder am Privatliewen. D'Ekosfakultéit ass awer och dofir bekannt, d'Studenten am Beruffsliewen ze begleeden. Et gëtt een immens gutt drop preparéiert, ee proppere CV ze schreiwen oder ee gudden Entretien ofzehalen.



*Patricia Marques (Ancien - Management des Projets internationaux)*



*Sam Hoffmann (Ancien, Master Économie)*

**Problemer a Schwieregkeeten?**

Am grousse Ganzen ass virun allem dat éischt, mee awer och dat zweet Joer bëssen eng Widderhuelung vun der Première. Fir all déi Leit, déi eng D gemaach hunn, ginn et also normalerweis net vill Schwieregkeeten. Fir déi, déi vun enger anerer Sektioun kommen, ass d'Mathé vläit bësse méi schwéier, awer et ass alles machbar.
Wéi an deenen anere Studiëgäng, huet een och an der Eko obligatoresch an net obligatoresch Coursen, wat dozou féiert, dass een ee gutt geféllte Stonneplang huet.

Déi eenzeg Problemer déi mir haten, waren administrativ Problemer. Leider ass déi franséisch Organisatioun net sou wéi mir se zu Lëtzebuerg kennen. Ee Beispill: Fir sech ee franséische Kont maachen ze loossen, rode mir iech un dat net hannert der Grenz ze maachen, mee léiwer hei zu Stroossbuerg.

**Feedback & Réckbléck**

Wiem Eko op der Première gefall huet, deem wäert et och sécher herno op der Uni gefalen. Fir eis war et definitiv de richtege Choix op Stroossbuerg ze kommen an Eko zu studéieren. Wann ee reegelméisseg an d'Course geet a fir d'Exame leiert, da packt een och sécher säi Joer.

Ween op Stroossbuerg kënnt, ka vun engem gudden an amüsante Studenteliewe profitéieren. Dat ass zum Deel och der ALUS ze verdanken. Op den Eventer léiert ee vill nei Leit kennen a wéinst dem ofwiesslungsräiche Programm ass och sécher fir jiddereen eppes dobäi.

Mir roden also jidderengem un, sech Stroossbuerg ukucken ze kommen a sech iwwert seng Uni ze informéieren. Dëst geet am einfachste wann ee mat engem schwätzt, deen zu Stroossbuerg studéiert oder um Student fir 1 Dag deelhëlt.

## Interview mam Candy Steffen

### *Firwat Sciences naturelles zu Stroossbuerg studéieren?*

Ech hunn mech dozou entscheet zu Stroossbuerg ze studéieren, well ech fannen dass d'Stad immens gutt läit. Den Elsass ass eng flott Regioun a Stroossbuerg selwer ass eng wonnerschéi Stad. Dobäi kënnt nach, dass d'Distanz tëschent Lëtzebuerg a Stroossbuerg ideal ass. Falls ee verlaangert oder eng Kéier spontan Heem muss, ass dat alles kee Problem well een nëmmen tëschent 2 an 3 Stonnen heem fiert. Mee et ass och wäit genuch fir dass een net grad all Weekend heem fiert.

Ech hunn ugefaange Bio, och nach Sciences de la vie genannt, ze studéieren, well een de Virdeel huet, dass ee schonn am 2. Joer eng Spezialisatioun wiele kann. Et huet een d'Auswiel tëschent Biologie moléculaire/cellulaire, Physiologie a Chimie-Bio.
Ech hu mech dozou entscheet Chimie-Bio als Spezialisatioun ze maachen, well Chimie a Bio einfach zesummegehéieren. Ech kann iech fir Studiëgäng an de Sciencen d'Uni zu Stroossbuerg nëmme recommandéieren. D'Uni bitt immens vill Studiegäng un déi pluridisziplinär sinn. Fir d'Chemiker gëtt et ee Parcours mat Chimie a Physik, et kann een awer och Physik mat Sciences de la terre maachen an nach villes méi. Verschidde vun eise Science-Fakultéiten hei zu Stroossbuerg gehéieren och zu den Top-Instituter an hire Beräicher.

### *Feedback & Réckbléck*


Ech hunn an dëse Jore vill interessant Leit kennegeléiert, sief et op der Uni oder bei der ALUS. Ech hunn dann och entscheet mäi Master hei zu Stroossbuerg ze maachen, well déi Formatioun déi ech gemaach hunn soss néierens ënnert dëser Form ugebuede gëtt. Stroossbuerg war einfach mäin 2. Doheem a wéi seet een sou schéin: Doheem ass et ëmmer nach am schéinsten.

### *Problemer a Schwieregkeeten?*

Een de wëll eng Science zu Stroossbuerg studéieren, muss sech bewosst sinn, dass vill vun deenen anere lëtzebuergesche Studenten Eko oder Droit studéieren. De System vun de Sciencen-Uni'en (Chimie, Bio, ...) ass einfach anescht wéi deen an der Eko oder am Droit. An der Bio an an der Chimie huet een seng Examen iwwert dat ganzt Semester verdeelt. Dat heescht dass een all Woch oder all zweet Woch een Examen huet.

De Virdeel dobäi ass, dass een net alles beienee léieren muss, mee reegelméisseg schafft. An et huet een eng „2. Chance", falls een Exame schief geet, well een normalerweis minimum 3 Exame pro Fach huet, also net direkt en Noexame wann een en schlechten Exame geschriwwen huet. Den Nodeel ass, dass een ëmmer eppes ze schaffen huet an dann och heiansdo muss „nee" soe wann et heescht op een „Afterworkdrink" ze goen.

De Stonneplang, virun allem an der Bio, wierkt am Ufank zimmlech voll. Wann een sech dann dru gewinnt huet an een am Cours oppasst, mierkt ee séier, dass een dann net méi sou vill Doheem schaffe muss.



Candy Steffen (Ancien, Master Chimie)



Laura Gindt (Ancien, Licence Geschicht)



Olivier Boussong (Ancien, Master Geschicht)

## Interview mam Laura Gindt & Olivier Boussong

### *Firwat zu Stroossbuerg studéieren?*

Mir sinn op Stroossbuerg studéiere komm, well eis déi Stad an hire Charme schonn ëmmer gutt gefall huet. Et ass net ze grouss an et kann een alles mam Vëlo maachen, wat extrem praktesch ass. Dobäi kënnt, dass et net ze wäit vu Lëtzebuerg ass an ee ganz flexibel ka sinn. Et fillt een sech richteg wuel hei, well et net all ze grouss ass an awer extrem vill Diversitéit hei ass, an et ganz gutt ob d'Studenten ugepasst ass. Dobäi hëlleft d'ALUS och super gutt sech direkt perfekt ze integréieren.

### *Firwat Geschicht zu Stroossbuerg?*

D'UNISTRA ass eng renomméiert Uni fir vill Fächer an dozou gehéiert ganz kloer och d'Geschicht! Ganz vill vun den Dozenten si bekannten Historiker a Frankräich an assuréieren esou en ganz gudde Cours. D'Proffe versichen ëmmer d'Aktualitéit an d'Vergaangenheet ze vergläichen, fir sou mat neie Visiounen an Tendenze matzegoen. Dës weidere gëtt ee ganz gutt ob d'Schreiwe vun Disserte preparéiert wat fir de Profe Concours nëmme vu Virdeel ass. Et traitéiert een och déi 4 grouss Epochen (Antik, Mëttelalter, Modern, Neizäit) déi een ausféierlech gesäit a wat genau dat ass wat herno och am Concours gefrot gëtt.

E Pluspunkt fir Geschicht a Frankräich ass datt et awer no bei Däitschland läit an en sou verschidde Coursen ob Däitsch huet an déi Sprooch net ze vill verléiert, an zudeem als Lëtzebuerger gutt Punkte kritt. Dës Weideren huet een all Semester en Devoir semestriel ze schreiwen, wat wéi e klenge Memoire ass, wat ee Schrëtt fir Schrëtt op de Master preparéiert.

### Problemer a Schwieregkeeten

D'Erausfuerderung an eisem Studium ass d'Zäitandeelung. Zudeem huet en vill obligatoresche Cours wou mat dem System vu Permanentë Contrôle Continu, wou en all Woch en Mini Examen huet, geschafft gëtt. Et huet ee vill ze maachen an et muss een ëmmer um Ball bleiwe fir d'Joer ze paken.

D'Administratioun a Frankräich klappt och net ëmmer esou wei mir et gewinnt sinn also ass ee vill op sech eleng gestallt vun der Organisatioun hier. Et ass en och extrem ob Frankräich zentréiert wat dach awer als Lëtzebuerger ab un zu net immens ass, well déi däitsch Geschicht extrem vernoléissegt gëtt.

### Feedback & Réckbléck

Fir de Studium ze packe muss een sech wierklech dofir interesséieren a ganz gäre schreiwen a liesen. Et ass net onméiglech et ze packe mee et muss een ebe genuch schaffen. Et soll een sech méi wäit gefächert fir Sciences Humaines intresséieren, wéi z.B. fir Geo, Konschtgeschicht oder Sozio déi och an dësem Studium mat agebaut sinn. Dëst ass op der anerer Säit awer extrem flott well een eng grouss Culture Générale opbaut.

Sou gi mir Iech mat ob de Wee: Kuckt iech Stroossbuerg genau un an dir mierkt ganz schnell op dir iech hei wuel fillt oder net, dat ass wichteg. Et ass een ni eleng hei an et léiert ee ganz schnell, mat Hëllef vun der ALUS, léif nei Leit kennen also brauch ee keng Angscht ze hunn. Falls Froen iwwert de Studium oder soss eppes opkommen, zéckt net Leit ze froen, déi kënnen iech gären hëllefen. A fir de Recht genéisst är Zäit op der Uni an dat, an der schéinster Stad, Stroossbuerg.

## Interview mam Philippe Schmit

### Firwat Droit?

Den éischte Grond ass bësse banal, mee déi Affekoten Aarbecht, déi een sou an den Blockbuster vermëttelt kritt, huet natierlech zimmlech reizvoll op mech gewierkt. Dobäi kënnt, dass ech impressionnéiert dovu war, wann een sech gutt verkafen kann an net mat Argumenter déi kee Kapp an kee Fouss hunn ronderëm sech werft. Am Géigendeel! Wann een méi faktuel argumentéiert, wat dat d'Argumentatioun vill méi pertinent mëscht oder zumindest wierke léisst. Een vun den markantsten Grënn war fir mech perséinlech, dass ech vun villen Leit gesot krut, dass Droit näischt fir mech wär well mir dat ze schwéier wier, ze intellektuell an virun allem ze vill ze schaffe wier. Dat huet mech positiv erausgefuerdert fir de Leit



*Philippe Schmit (Ancien, Master Droit)*

ze weisen, dass nëmmen well ech keng Loscht haat, d'Exponentielle an d'Integrale vun engem X ze léieren, heescht dat net, dass ech mech net kéint motivéiert kréien den Droit ze léieren.

## *Firwat Stroossbuerg?*

Dëst muss jidderee fir sech selwer kucken. Et gëtt een natierlech méi an d'kaalt Waasser geheit wéi wann ee säin éischt Joer op der Uni.lu mëscht, an awer muss ech soen, dat war et dowert. Wat mech deemools gereizt huet war, dass ech eleng konnt wunnen, wäit genuch fort vu Lëtzebuerg war an awer och erëm séier zréck vun der Uni sinn. Hei ass een zimmlech flexibel fir schnell een Aller-Retour ze maache wann een de Schlëssel vergiess huet, ee grad bëssen d'Flemm huet oder soss eppes ass.

## *Wat ech engem op den Wee ginn?*

Och wann een d'Matière an ee bestëmmte Beruff zimmlech interessant fënnt, heescht dat net dass een den Droit léieren an d'Fächer am eenzelen interessant fënnt, well do hunn d'Leit erëm Recht wann se soen et ass bësse méi drëschen.

Eppes weideres wat ech jidderengem un d'Häerz géif leeën ass, dass een sou vill Stagë soll maache wéi een nëmme kann. An zwar aus diverse Grënn. Entweder sicht een de Beruff am Domaine vum Droit deen am beschten zu engem kéint passe wéi zum Beispill Notaire, Affekot oder Juriste d'Entreprise, oder et ass een sech scho ganz sécher wéiee Beruff een wëll maachen an et sicht een sech als éischt eng Bestätegung an dono quasi eng Etude déi am beschten zu engem passt. Net all Maître an Etude ass d'selwecht, genau sou wéi den Domaine an deenen sech d'Etudë spezialiséiert hunn. Fir hei genau erauszefanne wat am beschten zu engem passt gëtt et nëmmen 2 Méiglechkeeten déi am beschten zesumme funktionéieren: Déi éischt 3 Joer bësse nei Fächer auswielen (souwäit dat méiglech ass) a souvill wéi méiglech Stagen a verschiddenen Etuden ze maachen, déi an anere Beräicher spezialiséiert sinn oder am nämmlechte Beräich verschidden Patronen kënnen hunn.



*Selina Bei (Ancien, Littérature française, générale et comparée)*

## Interview mam Selina Bei

### Firwat Lettres zu Stroossbuerg studéieren?

Lettres zu Stroossbuerg ze studéieren huet de Virdeel, dass een dono mat am beschte fir de Proffenexame preparéiert ass. Wou een op aneren Uni'en vu villem nëmme bësse gesäit, hunn mer vu Joerhonnert op Joerhonnert en déiwen Abléck an d'Literatur.

Du hues Méiglechkeet Coursen an der Littérature francophone ze huelen, déi extrem interessant sinn an déi dir en Abléck op déi franséischsproocheg Literatur duerch d'ganz Welt ginn. Mer hunn extrem kompetent Proffen déi a villen Domainen extrem spezialiséiert sinn an der hëllefe kennen. Doniewent kann s du der zu Stroossbuerg deng Travaux Dirigés eraussichen an esou de Choix tëschent verschidden Themen hues. Esou kriss du keng Lektüren direkt imposéiert.

### Feedback & Réckbléck

Ech sinn elo am lëschte Joer Master hei zu Stroossbuerg, an och wann déi franséisch Administratiounen oft Problemer maachen, sinn ech méi wei zefridden hei. Meng Course gefale mer oft gutt an ech hunn awer nach genuch Fräizäit a muss mech net permanent em meng Uni këmmeren. Ee weidere Virdeel ass, dass d'Exame scho virun der Chrëschtvakanz sinn. Esou huet een am Januar keng Exame méi.

Ech kommen net vun enger literarescher Sektioun an trotzdeem ginn ech gutt eens a mengem Studium. Et ass oft e Virdeel, vun enger literarescher Sektioun ze kommen, mee mam richtegen Interessi an Aarbecht klappt dat och.

### Problemer a Schwieregkeeten?

Et war net einfach sech dat éischt Semester ze adaptéieren an et fillt een sech oft ënnerleeë well d'Fransousen an der Klass literaresch méi wäit si wéi mir. Mais nom éischte Semester mierkt een, dass dat guer kee Problem méi ass an dat eisen Niveau gutt genuch ass.

Et huet ee ganz vill Linguistik Coursen, déi oft kënne ganz kompliziéiert sinn, mee mat bëssen Aarbecht sinn dës ze packen (oder et kompenséiert een déi Fächer). Latäin hues de natierlech och, wat d'Saach net ëmmer einfach mécht, mee dëst Fach wäert dir immens vill Hëllefen, d'Wieder ze verstoen.

**Wat gëss du de Futur-Studente mat op de Wee?**

Egal vu wéienger Sektioun dass du bass, wäerts de no enger Zäit eens ginn. Du bass ni eleng a kanns ëmmer een em Hëllef froen, sief et de Proff oder deng Klassekomeroden. Du muss wësse wéi s de dech andeels a wéini dass du léiers.

Esou kanns du däi Studium am Ufank méi locker ugoen, mee an der Examenszäit muss de léieren dech anzedeelen. Et ass net dee schwéierste Studium, mee du muss och wëssen, dass een niewent all de Coursen vill Bicher ze liese kritt. Wann s de dat gären hues, bass de an dësem Studium genau richteg.



*Christelle May ( Ancien, Master Économie )*

## Interview mam Christelle May

**Wat kann ech maachen wann mir mäin Studium net gefält?**

Wann s du no puer Woche mierks, dass däi Studium näischt fir dech ass oder denge Virstellungen net entsprécht, kanns du eng Demande de réorientation maachen.
Déi mëss du am beschte bei der Fakultéit bei déi s du wiessele wëlls. Déi Demande muss un de Responsabel vun der Licence adresséiere ginn, well nëmmen de kann dir eng Reorientatioun accordéieren. An der Demande solle puer Grënn dra stoe firwat s du wiessele wëlls.
Am beschte Fall kann s du wärend dem Semester wiesselen et kënnt awer ëmmer méi oft fir, dass d'Studenten eréischt fir dat 2 Semester reorientéiert ginn. Bei weidere Froe bezüglech dësem Thema, oder wann s du gäre wëlls, dass ech mat dir zesummen iwwert deng Lettre de réorientation kucken, kann s du dech gäre bei mir mellen.

# Neien Challenge no der Uni?

Als ëffentlech Institutioun a Regulateur vum lëtzebuergesche Finanzsecteur bitt d'CSSF dir déi eenzegaarteg Méiglechkeet, déi verschidde Beruffer vun der Supervisioun z'entdecken.

Ob Stage oder éischt Aarbechtsplaz, mir encadréieren a forméiere jonk Talenter.

**MIR BIDDEN DIR:**

→ eng Aarbecht am Interessi vun der Allgemengheet

→ een internationaalt a modernt Aarbechtsëmfeld

→ eng gutt Work-Life-Balance mat engem kompetitive Gehaltspackage

Dro däin Deel bäi zu enger sécherer Finanzplaz.

**careers.cssf.lu**

**Follow us:**



cssf

Commission de Surveillance du Secteur Financier

# LA BELLE VIE A STRASBOURG

## TRANSPORT

Stroossbuerg ass mat enger direkter Zuchverbindung u Lëtzebuerg einfach a séier mam Zuch ze erreechen.

Den Trajet vun der Direktverbindung dauert ongeféier 2 Stonnen a neierdéngs mam TGV 1Stonn 30min, jee no Auerzäit sinn d'Tariffer méi oder manner deier.

Sou bezilt e Lëtzebuerger Student fir en Ticket Lëtzebuerg (Grenz) - Stroossbuerg mol 23,20 Euro ('période blanche'), mol 18,20 Euro ('période bleue'), jee no Auerzäit. Mir roden dir allerdéngs un, däin Billet esou frei wéi méiglech ze kafen, wells du esou vun deenen bëllegsten Tariffer profitéieren kanns. Wat den Datum vun dengem Trajet méi no kennt wat den Billet mei deier gëtt. Mei Informatiounen fënns du ënnert
www.sncf.fr.

Fir d'Studenten déi léiwer bei engem am Auto wëlle matfueren (Trajet +- 2.5 Stonnen), bidde mir e spezielle Service un : eise Facebook-Grupp Matfuer-geleeënheeten Lëtzebuerg-Stroossbuerg (alus.lu/matfueren) erlaabt de Studenten Offeren an Demanden ze posten fir dann een oder méi Studenten matzehuelen oder vun anere Studente matgeholl ze ginn. An der Reegel gëtt 15€ gefrot fir mat engem matzefueren.

Mëttlerweil fiert Flixbus a Co vu Lëtzebuerg op Stroossbuerg an zréck, allerdéngs nach zu onreegelméissegen Zäiten. Dee Bus ass allerdéngs mat 16-25€ méi bëlleg wéi den Zuch. Den Trajet dauert 3 Stonnen.
Stroossbuerg huet een efficacen Tram- a Busresau den och d'Regioun ronderëm d'Stad deckt. D'Tariffer fir en Aller simple an en Aller-Retour sinn 1,90€ respektiv 3,80€ . Solls du lo all Dag mam Tram oder mam Bus fueren, rode mir dir en Abonnement ze maachen (560€ d'Joer) . Fir weider Informatiounen gees de am beschten op de Site vun der Compagnie des Transports Strasbourgeois : cts-strasbourg.fr.

Dir wäert séier mierken, dass d'Leit zu Stroossbuerg vill mam Vëlo fueren, well dëst oft ee vun de séiersten Transportmëttel ass fir vun A op B ze kommen. Op leboncoin.fr fënns du eng grouss Offer u Vëlo'en zu Stroossbuerg zu engem gudden Präis. Ausserdeem gi puer Mol d'Joer sougenannt „Foires à vélo" an der Stad organiséiert, wou een e gudde Vëlo fanne kann.

Wann s du do kee Vëlo fënns an och net däin eegenen wëlls vun Doheem matbréngen, kann een op de Vélhop zréck gräifen. Sou ee Vëlo kann een op 5 verschiddene Plazen zu Stroossbuerg kréien: Gare, Centre, Université, Schiltigheim, Koenigshoffen.
Fir een normale Vëlo ze loune brauch ee folgend Dokumenter:

- Carte d'identité

- 150 € déi een als Dépôt de garantie hannerléisst an no dem auslafe vum Kontrakt zréck kritt (Bor, per Chèque oder per Kaart)

- Ee justificatif domicile
  - Waasser, Stroum, Gas oder Telefonsrechnung
  - Avis d'imposition ou certificat de non-imposition
  - Quittance d'assurance (incendie, risques locatifs ou responsabilité civile) fir deng Wunneng
  - Titre de propriété ou quittance de loyer
  - Studentekaart

All Vëlo ass mat engem Vëlosschlass equipéiert. Et ginn extra Studentenoffere bei deenen een de Vëlo fir 10 Méint ka lounen (et gëtt een den Vëlo dann iwwert d'Summervakanz of).

Méi Informatiounen zu den Tariffer an de Modalitéite fënns du ënnert folgendem Link: https://velhop.strasbourg.eu

## CRIT'AIR

Wann ee mat sengem Auto wëll a Stroossbuerg era fueren brauch een eng Emwëltplaquette. Dës heescht a Frankräich "CRIT'air".
Du kanns deng Vigniette ganz einfach online iwwert folgende Site bestellen: www.certificat-air.gouv.fr.
Et dauert ongeféier 3 Woche bis een se ausgestallt kritt an de Präis läit bei 4,51€.

## PEAGE

Wann een iwwert déi franséich Autobunn op Stroossbuerg fiert, muss een um Wee duerch den Peage fueren. Op dëser Platz bezillt een ee gewësse Montant mat dem d'Stroossen a Frankräich nei gemaach ginn.

Wann een op enger Peage-Gare ukomm ass, kann een do mat enger Visa-Kaart bezuelen, wat relativ séier geet oder eben mat borem Geld.
Wann een awer elo net ze vill Zäit beim Peage verbréngen well, kann een ganz einfach op den Télépeage zréck gräifen andeems een ee „Bip & Go Badge" huet, mat dem een duerch déi Barrière fueren kann, déi extra dofir geduecht sinn. Fir Jonker, ënnert 26 Joer, kascht den Badge dat éischt Joer näischt. Et muss een pro Mount also keng Frais de gestion an och keng Mise en service bezuelen. All Mount kritt een eng elektronech Rechnung geschéckt, wou den Montant vun all den Faarten déi een duerch de Peage gemaach huet drop stinn.

Fir wieder Infromatiounen kanns du dech beim ACL mellen: www.acl.lu

## RESTAURATIOUN

Wéi quasi a ganz Frankräich ass och Stroossbuerg bekannt fir seng Kichen. Den wuel bekanntsten an traditionellste Plat aus dem ganzen Elsass ass ouni Zweifel Tarte flambée, déi ee quasi an all Eck an der Stad fënnt. Déi bekanntste Restauranten fir „Flammekueche" sinn de Flam's (29, rue des Frères) an „Au Brasseur" (22, rue des Veaux).
Natierlech huet Stroossbuerg vill méi ze bidden ewéi nëmmen Tarte Flambée. An der „Cloche à Fromage" (27, rue des Tonneliers) kritt ee vun der Raclette bis zur Kéisfondue alles wat mat Kéis ze dinn huet. Well Stroossbuerg esou multikulturell ass, ginn et nach eng Hällewull vun anere Restauranten, vun der traditioneller elsässescher Kichen bis zum Asiat ass wierklech alles vertrueden. De Choix ass also riseg an et kann een ëmmer rëm Neies entdecken.
Zu Stroossbuerg ginn et natierlech och Restauranten fir d'Studenten déi fir e gudde Präis ganz Menuen proposéieren. A ganz Stroossbuerg ginn et „Restos U" an Cafeteriaen déi vum CROUS (Centre Régional des Oeuvres Universitaires et Scolaires) geféiert ginn.

Op der Studentekaart kënnen d'Studenten e bestëmmte Montant u Suen dropsetzen deen se an de Restauranten vum CROUS fir d'Iessen benotze kënnen. Fir nëmmen 3,25 Euro kritt een eng Entrée, en Haaptplat, Kéis, Bréitchen an en Dessert. Mee och Sandwichen an Zaloten kann een mat der Studentekaart fir ee bëllege Präis kafen. Fir méi ausféierlech Informatiounen iwwer d'Offeren an d'Präisser vun de verschiddene Restos U kanns du op crous-strasbourg.fr nokucken!





## NIGHTLIFE

Well d'Studenteliewen jo bekanntlech net nëmmen aus Léiere besteet, gi mir dir an dëser Rubrik ee klengen Abléck an d'Stroossbuerger Nuetsliewen.
Stroossbuerg ass vollgepaakt mat ugesote Caféen a Bars, déi net nëmmen ënner Lëtzebuerger Studenten beléift sinn. Puer Beispiller vu Caféen wou mir eis Aktivitéiten organiséieren hunn mir den „Delirium Café" (5 Quai de Paris), d'„Brasserie Au Télégraphe" (59 Rue de Zurich) den „Comptoir d'Eugène" (42 Rue de Zurich) an de „Barco Latino" (Presqu'ile Malraux).
Wien es genuch vu lëtzebuergeschem Béier huet an emol eppes anescht probéiere wëll, deen ass an der „Académie de la Bière" (17 rue Adolphe Seyboth) oder am „Les BerThoM" (18 rue des Tonneliers) genau richteg : Op deene Plazen kritt een déi verschiddensten Zorte Béier aus aller Welt ze schmaachen, vun däitschem Weißbier bis zum belsche Lambic ass alles dobäi.
Wéi all grouss Stad ass Stroossbuerg och d'Heemecht vun allerlee Irish Pubs. Déi beléifsten sinn den „Irish Pub" (13 rue Vauban), de „Molly Malone's" (Place d'Austerlitz) an de „O'briens Irish Pub" (Place Saint-Nicolas-aux-Ondes).
Fir déi Leit, déi kee Fan vum Béier sinn, ass natierlech och gesuergt.
Am „Alchimiste" (3 rue des Sœurs) hues du e riese Choix u Cocktailer, mee natierlech bidden déi meeschte Caféen och nach vill aner Saachen un ewéi nëmme Béier.
Den „Bar Exils" (28, rue de l'Ail) huet hiren berühmten Porron (Béier, Limo an wäisse Wain). Um Quai des Pêcheurs fënnt ee flott Terrassen.
Den „Barco Latino" (Presqu'ile Malraux) mécht Mëttwochs Owes een Afterwork fir 15€ mat Sangria, Béier an Tapas à volonté vun 19h00 - 22h00.
Stroossbuerg huet awer net nëmme Caféen, mee och Clubs an Discoen ze bidden. Déi populärsten ënnert de Lëtzebuerger sinn ouni Zweiwel den „Jimmy's" (30 Quai des Bateliers), des Weideren gëtt et nach de „Salamandre" (3 rue Paul Janet) an de „Café des Anges" (5 rue Sainte-Catherine).
Am „Agora Club" (25 rue des Tonneliers) an am „Live Club" (1 Rue du Miroir) lafen meeschtens Partyen an Themenowenter déi vun de franséische Studentecerclen selwer organiséiert ginn a relativ gutt besicht sinn.
Am Fall wou s de léiwer net ze vill Suen ausgi wëlls, muss de awer net op d'Erausgoen verzichten. An der K'fet des Sciences um Campus central vun der Uni kanns du fir sozial Präisser (2 Euro pro hallwe Liter Béier !) en onvergiesslechen Owend erliewen !



## KULTUR


Niewent de Studenten ass d'Haaptstad vum Elsass och ganz beléift ënnert den Touristen, wat sech virun allem am Summer bemierkbar mécht. Natierlech kënne mir dir elo net alles opzielen wat et alles zu Stroossbuerg ze kucke gëtt. D'Petite France, d'Kathedral, d'Foussgängerzon an alles wat sech ronderëm befënnt gehéieren zum Héritage culturel vun der UNESCO an dowéinst hält d'Alstad hire mëttelalterleche Charakter oprecht.

Zu Stroossbuerg fanne sech och vill Monumentalbauten erëm, déi zu der Zäit gebaut gi sinn, wou den Elsass nach zu Däitschland gehéiert huet. Onverkennbar sinn de Palais universitaire, d'Place de la République an de Quartier Neustadt, wou och vill Studente wunnen.

Duerch Stroossbuerg lafe verschidde Flëss wou och Booter drop fuere kënnen. Wien sech d'Stad also méi genau ukucke wëll soll onbedéngt eng Rees mam Bateau Mouche maachen!

Wien gäre Muséeë kucke geet, dee soll sech op kee Fall de Musée d'Art Moderne bei der Petite France an de Musée Tomi Ungerer bei der Place de la République entgoe loossen. A punkto Musek huet Stroossbuerg vill ze bidden. Theateropféierungen an Operetten fanne quasi all Zäit am Joer statt, genausou wéi Festivals an Concerten. Déi si meeschtens an der Opéra National du Rhin (Place Broglie) an am Zénith (Hautepierre).

Wien méi oft op kulturell Events goe wëll, huet sech am beschten d'Carte culture unzeleeën, déi een sech extra op seng d'Studentekaart setze kann. Mat der Kaart kanns du iwwregens och fir méi bëlleg an de Kino goen!







# SPORT

A Saache Sport kanns du zu Stroossbuerg net nëmme vun deene ville Raimlechkeete profitéieren déi dir dofir zur Verfügung stinn, mee och vun de Servicer déi d'Université de Strasbourg dir offréiert.
De Service Universitaire des Activités Physiques et Sportives (SUAPS) bitt dir eng ganz Rei vu Sportaarten un, déi s du am Laf vum Joer kann s maachen. Sportlech Newcomer ewéi och erfuere Sportler kommen hei op hir Käschten, well de SUAPS ass speziell dorop ausgeriicht dir ze hëllefen an enger neier Sportaart besser ze ginn oder dech an dengem Lieblingssport ze perfektionéieren.
Du kann s dech um Campus am SUAPS aschreiwe loossen, oder réischt wann s du Zougrëff op däin Account op der Internetplattform Ernest (sport.unistra.fr) hues. Op dëser Plattform wäerts du als zukünftege Student och d'Méiglechkeet hunn dech iwwer Internet an déi Sportscoursen anzeschreiwen déi dir am beschte gefalen.
All Student, deen d'CVEC bezuelt huet ka vun dësem Service profitéieren.
Kuck eran op
sport.unistra.fr/service-des-sports/actualites/

# WUNNEN ZU STROOSSBUERG

## WAT BRAUCH ECH?

Fir d'alleréischt rode mir dir un en franséische Bankkonto op ze maachen. Deen ass onëmgänglech bei ville franséischen Agencë fir däi Loyer an deng Chargë kënnen ze bezuelen.

Oft benotzen se nach Chèquen, déi et bei eis net méi ginn. Dësen ass awer net obligatoresch bei allen Agencen, zemools entre Particuliers ass et oft egal op franséischen oder lëtzebuergesche Bankkonto sou laang et mam bezuele klappt.

Hei awer opgepasst wann ee bis en bestëmmten Dag vum Mount muss bezuelt hunn! En Virement vun engem lëtzebuerger Kont op ee franséische Kont dauert méi laang wéi vun franséischen op franséische Kont. Dës Weideren ass et méi praktesch scho vun Ufank un esou ee Kont ze hunn, well s de fir déi nächst Démarchen ee RIB (Relevé d'Identité Bancaire) vun dengem Kont brauchs( de RIB ass eng 23-stelleg Zuel ënnert der Form xxxxx-xxxxx-xxxxxxxxxxx-xx).

All Bank huet hir eegen Offeren a Konditiounen.
Et ass och méiglech de Bankkonto réischt no der Wunnengssich opzemaachen, mee an deem Fall sollt een net ze laang domadder waarden.

E puer Beispiller vu Banken zu Stroossbuerg sinn
- BNP Paribas
- Crédit Mutuel
- Banque Populaire d'Alsace
- Société Générale
- Caisse d'Epargne
- Banque CIC
- LCL Crédit Lyonnais

E Rendez-vous kann een am aller-beschten iwwert den Internetsite vun der Bank (Rubrik "devenir client") oder iwwer Telefon maachen.

***E gudde Rot:
fänk fréi genuch mat der Wunnengssich un!***

Vu datt déi meeschte Fakultéiten d'Examen op Enn Abrëll an Ufank Mee leeën, ginn no där Zäit déi meeschte Wunnenge fräi. Mir roden dir also, dech schonn am Juni oder och schonn am Mee iwwer Offeren a Konditioune schlau ze maachen, fir dass du och ouni Problemer eng uerdentlech Wunneng fënns!

## WOU SOLL ECH WUNNEN?

Wou een dann elo schlussendlech wunne soll, hänkt haaptsächlech dovunner of wat ee studéiert a wéi engem seng Preferenzen sinn: Entweder et wëll een an engem méi rouege Quartier wunnen, oder do wou daagsiwwer an Owes vill lass ass.

Ënnert unistra.fr, Rubrik "Plan des campus" kann s du d'Lag vun denger Fakultéit nokucken an d'Distanz tëscht der Uni an de Wunnenge vergläichen. Opgepasst: Wann s du Ekonomie wëlls studéiren: AES (Administration Économique et Sociale) an Sciences Économiques et de Gestion sinn an zwee verschidde Gebaier agedeelt! Am allgemenge wunnen d'Studenten duerch ganz Stroossbuerg verdeelt. Am beléiftsten sinn awer ëmmer nach d'Quartier'en ronderëm de Campus central an d'Alstad.

Dorënner wieren d'Esplanade (Rue Jean-Henri Schnitzler, Rue de Rome, rue d'Oslo, d'Avenue du Général de Gaulle,...), d'Krutenau (Rue de Zurich, Place de Zurich,...) an de Quartier Forêt Noire (Boulevard d'Anvers, Rue de l'Yser, boulevard de la Marne, Rue de Verdun, Avenue de la Forêt Noire,...), Orangerie.

Haalt och an der Alstad d'Aen op no fräie Wunnengen, zumools ronderëm d'Place Kléber an d'Place Gutenberg. D'Héicht vum Loyer hänkt ganz vun der Géigend of wou d'Wunneng läit: z.B. ass d'Orangerie direkt beim Europaparlament en vergläichsweis méi deiere Quartier, wärenddeem d'Esplanade den Duerchschnëtt mécht.

Jee méi ausserhalb d'Wunneng vum Stadzentrum läit, desto méi bëlleg ass se. Sou bezilt ee fir eng Wunneng am Quartier Neudorf oder zu Cronenbourg vill manner Loyer, mee dofir wunnt een dann och ëmsou méi wäit ewech vun der Uni. De Quartieren „Neuhof", „Meinau", a ronderëm d'Gare sinn ze evitéieren, wëll et do net ganz sécher ass.

Mir roden der dowéinst fir all Wunneng d'Adress op Google Maps nozekucken an de Wee ze Fouss vun dengem neien Doheem bis bei d'Uni oder och bis bei d'Caféen, (well wien wëllt schonn no enger Soirée 5km ze Fouss heem trëppelen) ze iwwerpréiwen.

Falls de däi Schlëssel verluer hues oder am Appartement leie gelooss hues kanns de dech ënnert dëser Nummer bei engem Schlesser mellen.

+33 6 05 84 96 91

## WOU SOLL ECH SICHEN?

**Studentewunnheem**

Wann s du an ee Studentewunnheem wëlls wunne goen, kucks du am allerbeschten op adele.org oder op crous-strasbourg. fr no. Studentewunnheemer sinn déi erschwénglechste Wunnméiglechkeet déi een zu Stroossbuerg fënnt, mee d'Wunnengen sinn dofir awer deementspriechend kleng gehalen (8-20m2)!

**Agencen**

Ganz vill Studenten hunn hier Wunneng iwwert eng Agencë fonnt. Hei heescht et allerdéngs gedëlleg sinn. Déi meescht Agencen froe ganz vill Pabeieren, déi een esou séier wéi méiglech muss raschécken fir dass een déi Wunneng déi ee gären hätt och kritt.

Agencen hunn de grousse Virdeel, dass een eng grouss Unzuel un Offere gebuede kritt déi s du da matenee kanns vergläichen. Meeschtens sinn d'Wunnengen, déi vun enger Agence kommen, an engem gudden Zoustand, mee opgepasst, et ginn och Ausnamen!

Op fnaim.fr kanns du tëscht all de Wunnengen vun all den Agencen, dir déi Offer raussichen, déi dir am beschte gefält. Vun do aus kënnt een op de Site vun de jeeweilegen Agencë, wou een nach méi fënnt. Natierlech kann een och direkt bei eng Agence uruffen an no engem Rendez-vous froen. Beispiller vun Agencen zu Stroossbuerg sinn Hidalgo, Artim, A'Primmo, Immobilière de la Marne, Immoval, Beausite Immobilier, Gestrim, Immobilière Vauban oder Immoval.

D'Telefonsnummeren vun de jeeweilegen Agencen sinn op Google ze fannen.
Am Fall wou s du aus denger Wunneng wëlls eraus plënneren, kriss du vun der Agence eng Kënnegungsfrist vun 3 Méint accordéiert.

Wat awer vill Leit net wëssen, ass dass Stroossbuerg eng „Zone tendue" ass. Et kann een seng Kënnegung also och eréischt 1 Mount am Viraus dem Propriétaire oder der Agence erareechen. Dëst muss och vun hinnen ugeholl ginn.
De Nodeel bei den Agencen ass, dass een ufanks eng Kautioun bezuele muss (+-1 Loyer, mee déi kriss du zum Schluss, wann s du eraus plënners, erëm zréck), verschiddener froen dann och nach vill Niewekäschten dobäi, wéi z.B. Frais d'agence déi ee fir hir Servicer bezuele muss. Opgepasst op dubios Agencen déi scho Sue froen eleng fir d'Wunnenge kucken ze goen. Eng Visitt ass normalerweis gratis! Ganz wichteg: Wann s du vun Agencen „on vous rappelle" um Telefon gesot kriss, muss de an deene meeschte Fäll selwer puer mol nohake bis du endlech dat kriss wat s de dir erhoffs.

**Privatleit**

Bei privaten Offeren hänken d'Kautioun an d'Kënnegungsfrist vum Proprietaire of a si meeschtens net esou héich wéi bei den Agencen. Och muss ee keng Frais d'agence bezuelen. Privat Proprietaire kommen engem oft och méi entgéint an maachen et engem sou méi liicht fir eng Wunneng kucken ze goen.

D'Sich no Privatwunnengen ass méi opwänneg wéi mat enger Agence. Op leboncoin.fr an seloger.com stinn déi meeschten Offeren, wann s de schonn zu Stroossbuerg bass kanns de och emol d'Aen ophalen no „à louer" Schëlder, déi an de Fënstere vu fräie Wunnengen hänken. A grousse Wunngebaier (z.B. op der Esplanade) fënns du an der Entrée d'Telefonsnummer vum Proprietaire. Zéck net do unzeruffen an ze froen ob eventuell Wunnengen an deem Gebai fräi sinn.

**Groupe immobilier „De Storchi"**
D'ALUS huet ee Grupp op Facebook (alus.lu/immo) wou aktuell an zukünfteg Studenten d'Méiglechkeet hunn, Offeren an Demanden vu Wunnengen an och Miwwelen ze posten.

## WÉI ENG DOKUMENTER BRAUCH ECH?

Wann s du deng Dramwunneng endlech fonnt hues, brauchs du héchstwarscheinlech folgend Dokumenter fir eran ze plënneren:

- En RIB (Relevé de l'Identité Bancaire) fir de Loyer
- Déi 3 lescht Fiches de paie vun dengen Elteren (fir dass d'Cautionnairen hir 'solvabilité' iwwerpréiwe kënnen)
- Kopien vun denger Carte d'identité an der vun dengen Elteren (méi wéi nëmmen eng)
- E Certificat d'affiliation (dee kanns de op ccss.lu/certificats ufroen)
- Eng Attestation d'assurance habitation vun denger Assurance

Fir dës lescht Dokument ze kréien, kanns du d'Assurance vun dengen Eltere froen, am Fall wou s du iwwert deng Eltere veséchert bass. Ass dat net de Fall, muss du dech un eng franséisch Assurance wenden. Déi kascht pro Joer net vill, mee se séchert dech of am Fall wou dir, denger Wunneng oder denge Wäertsaachen eppes geschitt. Verschidde Propriétairen akzeptéieren och nëmmen eng franséisch Assurance. Dës kanns du och ganz einfach per Telefon oder per Rendez-vous bei denger franséischer Bank ofschléissen oder bei folgenden Assurancen zu Stroossbuerg: MAAF, MGEL.

## ÉTAT DES LIEUX

Eng weider Formalitéit em déi s du dech këmmere muss, ier et lassgeet, ass den État des lieux vun denger Wunneng. Dobäi kucks du mat dengem Proprietaire den Zoustand vun denger Wunneng am Moment wou s du se iwwerhëls, fir en dann erëm mam Zoustand ze vergläichen wann s du aus dem Gebai eraus plënners.
Vun dohier ass et wichteg, dass den État des lieux uerdentlech gemaach gëtt. Kuck no all klengem Manko an denger neier Wunneng a schreif der alles genau op fir dass keen dir dono unhänke kann, dass du fir dee Schued am Gebai verantwortlech bass dee schonn do war wéis du era geplënnert bass!
Ausserdeem muss du den État des lieux zum Schluss nach eng Kéier gutt duerchliesen a sécher stellen, dass all klengen an eventuell méi grousse Schued an der Wunneng (Elektresch futti, Rouerbroch, etc.) direkt vun dengem Proprietaire musse reparéiert ginn.

# ACEL- De Studentevertrieder

**Mir sinn fir dech do!**
**Virun, wärend an no dengem Studium!**

ACEL
de Studentevertrieder

## INFORMATIOUN

Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoe fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliichteren. Dës dräi Broschüren fënns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.



Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Studentestad.



## REGRUPPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

## REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelméissegen Kontakt mat de Ministèren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



contact@acel.lu
www.acel.lu
@acelluxembourg
ACEL - de Studentevertrieder
ACEL - de Studentevertrieder

# WUNNENG FONNT! WAT ELO?

## LOYER & CAF (CAISSE D'ALLOCATIONS FAMILIALES)

Fir de Loyer all Mount automatesch un däi Proprietaire ze iwwerweisen kanns du ganz einfach en Ordre permanent iwwer Webbanking oder iwwert d'Agence ufroen.

A Frankräich huet all Student ee Recht op eng staatlech finanziell Hëllef déi een vun der CAF kritt. Dat ass e Montant den zeechent 100 Euro an 200 Euro variéieren kann. Fir d'CAF unzefroen gees de am beschten op d'Internetsäit vun der CAF (caf.fr).

Déi néideg Dokumenter déi s du fir deng Demande brauchs sinn an engem PDF-Dokument opgelëscht wat s de direkt no denger Demande erofzeluede kriss.

Säit Juli 2016 ass ee neit Gesetz a Kraaft getrueden. Dëst Gesetz huet den Plaffong vum Loyer, fir kënnen vun der CAF ze profitéieren, erofgesat. Fir déi Leit déi eleng wunnen geet den Montant vun der CAF erof wann hiren Loyer tëschent 638€ an 791€ de Mount läit. Fir déi Leit, déi zu zwee, oder an enger Koppel wunnen, geet den Montant vun der CAF erof wann si en Loyer vun iwwer 781€ pro Mount hunn. Wann een also iwwer deenen Montanten Loyer pro Mount läit, geet de Montant vun der CAF per Tranche erof wat de Loyer méi héich ass. Déi genau Informatiounen dozou fënns du op www.caf.fr wou och eng genau Tabell mat deene verschiddene Montanten opgelëscht ass. Stroossbuerg läit an der „Zone 2".

Verschidde Studenten kruten och scho mol vun der CAF een Ziedel op deem steet, dass säin Titre de séjour net méi gëlteg wier. Als Lëtzebuerger Student brauche mir keen Titre de séjour well mir ënnert den Status vum Étudiant européen falen. Am beschte schéckt een hinnen dann eng Kopie vun der Sécurité sociale Kaart eran, ewéi een aktuelle Certificat de scolarité an eng Kopie vun senger Carte d'identité.

## STROUM & GAS UMELLEN

Fir an denger neier Wunneng net am Däischtere sëtzen ze mussen, muss du dech bei Energies Strasbourg (ÉS) umellen. Och hei kanns du dat ganz einfach iwwer hiren Internetsite maachen andeems du op de Site particuliers.es-energies.fr gees.

Du bass dono als Client bei ÉS ugemellt an hues däin eegenen Account wou s du op allerlee Funktiounen zougräife kanns. Ganz praktesch ass hei d'Funktioun „prélèvement automatique", wou deng Rechnungen automatesch iwwerwise ginn ouni dass du dech grouss dorëms këmmere muss.
Ganz wichteg, wat vill Leit net wëssen: de Montant u Stroum dee verbraucht gëtt, gëtt nëmme geschat, also entsprécht meeschtens net dengem reelle Verbrauch.

Sou kënnt et alt fir, dass du an der Vakanz, wa kee Stroum verbraucht gëtt, eng Rechnung vun 100 Euro geschéckt kriss. Mee keng Panik, an dengem Kont hues de d'Funktioun „Estimer ma facture", wou s du de richtegen Stroumverbrauch kanns uginn (dee kanns du um Compteur noliesen), dono kriss du dat, wat s du ze vill iwwerwisen hues, vun ÉS zréck bezuelt.

Niewent ÉS gëtt et och nach ee Weidere Stroum Ubidder. „Ekwateur" ass een Ubidder den erneierbare Stroum ubidd. Weider Informatioune fënns du op hirem Site ënner https://ekwateur.fr.

## INTERNET, TELEFON & FERNSEE

Déi franséisch Operateuren (Orange, Free, Alice, SFR, Bouygues) bidden Packages un wou Internet, Telefon a Fernsee mateneen dra sinn.
Déi meescht kaschten em déi 30 Euro de Mount. Natierlech muss een am Ufank d'Frais d'activation dobäi rechnen an de Fait dass vill Ubidder een mat Offeren a Klauselen (zemools bei Orange!) bombardéieren, déi meeschtens nach extra kaschten.

Et kritt een oft dat éischt Joer eng Offer, wou d'Abonnement wärend engem ganze Joer just d'Hallschent vum Präis pro Mount kascht an no engem Joer dann de vollen Tarif muss bezuelt ginn. Hei muss een oppasse wann een no engem Joer de vollen Tarif net bezuele wëll, muss een säin Abonnement mat Zäite kënnegen.

Am Pak mat dran ass onbegrenzt Telefonéieren op Festnetzer a ganz Europa (deelweis och doriwwer eraus) an Internet vu 16-32 Mbit/s. A punkto TV kritt een als Basis nëmme franséisch Senderen ugebueden. Däitsch Chaînë kaschten extra. D'Umeldung dauert 1 bis 3 Wochen a gëtt meeschtens iwwer Internet gemaach. Dono kritt ee per Post eng „Box" geschéckt iwwert déi Internet, Telefon an TV leeft. Se funktionéieren alleguerte mat an ouni Kabel.

Opgepasst: Oft brauchs du eng franséisch Handy- oder Telefonsnummer fir dass du mat dem Ubidder een

Rendez-vous kanns ausmaachen an fir dass si sech bei dir melle kënnen, falls se deng Wunneng net fannen, wann se dir deng Box installéiere kommen oder den Termin musse verleeën. Hei kanns du och einfach engem Kolleeg seng franséisch Nummer uginn oder du hëls dir eng Prepaidkaart fir ongeféier 10€.
Wat Handy-Aboen ugeet, bidde verschidden Operateuren (SFR, Bouygues, Orange, Darty, Fnac,...) interessant Oferen un déi net vill kaschten. Eng Prepaidkaart ass hei net unzeroden well déi em Endeffekt méi deier gëtt wéi en Abo wann ee bis vill telefonéiert.

## MEMBERSKLEEDER

D'ALUS bréngt och alljoers ee Memberspullover eraus a Säit 2019 och ee Members T-Shirt. Dëse kann een am Laf vum Joer beim ALUS-Comité bestellen. Méi Informatioune ginn iwwert d'ALUS Säit op Facebook an den Internetsite www.alus.lu kommunizéiert.




## REMERCIEMENT

Mir soen all eise Partner Merci, déi eis Joer fir Joer ëmmer erëm ënnerstëtzen. Ouni déi wier et net méiglech dat ganzt Joer iwwer esou flott Evenementer ze organiséieren. Och eise Memberen, déi ëmmer erëm sou zuelräich op eisen Evenementer sinn, soe mir Merci.


Mir sichen excellent Mataarbechter,
mellt iech bei eis!
Wanted:
Builders of a better
working world
ey.com/lu/careers
EY
Building a better
working world
© 2022 Ernst & Young S.A. All Rights Reserved. ED None

# NOTTEN

## NOTTEN

## NOTTEN



**Sozial Medien:**

- Instagram: 67alus
- Facebook: ALUS

Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg